Débat d'orientation N° 5250
sur l'égalité des chances entre femmes et hommes : suivi des initiatives parlementa
Dépôt : M. Aly Jaerling, le 10.03.2004

I-2003-O-M-0513-01 (1165)

5

# Motioun

**D'Volleksvertriederkummer**

- der wichteger Missioun bewosst, déi d'Delegéiert fir Chancëgläichheet an de Betriber erfëllen, fir Chancëgläichheet och an der Praxis ze garantéieren;

- stellt fest, datt d'Gewerbeinspektioun d'Zuel vun den Delegéierte fir Chancëgläichheet an de Betriber op 2000 schätzt, datt awer vum Joer 1998 un nëmmen 203 vun dësen Delegéierten och déi Formatioun matgemaach hunn, déi am Gesetz vum 7. am Heemount 1998 am Artikel 11bis 5 virgesinn ass;

- ass der Meenung, datt déi zwee halwer Deeg pro Joer, déi fir déi virzitéiert Formatiounszäit virgesi sinn, net duerginn, fir eng optimal Formatioun op juristeschem, ökonomeschen, sozialen a psychologeschem Plang kënnen ze kréien;

- ass iwwerzeegt, datt eng Formatiounszäit vu mindestens fënnef Deeg pro Joer, wéi bei de Personaldelegéierten, ubruecht wier, fir dëse Formatiounsbedarf kënnen ze decken;

**fuerdert d'Regierong op**

- de Punkt fënnef vum Artikel 11bis vum Gesetz vum 7. am Heemount 1998 iwwer d'Delegéiert fir Chancëgläichheet esou ze reforméieren, datt de betreffenden Delegéierten eng bezuelte Formatiounszäit vu fënnef Deeg zousteet, esou wéi dat bei de Personaldelegéierte gehandhaabt gëtt.

**A. Jaerling**